Association des Parents d'Élèves du Sportlycée

**(LU)**

apes@sportlycee.lu




Athlétisme · Basketball · Badminton · Cyclisme · Escrime · Football · Gymnastique artistique · Gymnastique rythmique · Golf · Handball · Judo · Karate · Natation · Rugby · Tennis · Taekwondo · Tennis de table · Triathlon · Squash · Volleyball

# Visiounen

Mir representéieren, verteidegen a bréngen d'Interessen vun de Studenten an hir akademesch a sportlech Entwécklung zesummen.

Mir sinn e konstruktiven an ënnerstëtzende Gespréichspartner a verbesseren wann néideg, déi deeglech Gestioun vun de Sportstudenten.

# Missiounen

D'APES heescht Ënnerstëtzung ubidden:

- an Schoulprojeten
- op de Conseil d'éducation
- op Restopolis-Reuniounen
- an akademescher a sportlecher Entwécklung

awer och :

- d'Méiglechkeet hunn, sech an der nationaler Elterevertriedungs-kommissioun ze engagéieren

## Wëllt dir an den APES-Comité kommen ?

Schéckt eis e Mail op:
apes@sportlycee.lu
Vergiesst nët ären Numm a Virnumm derbäi ze schreiwen, sou wéi déi vun ärem Kand (äre Kanner)

oder/an

## APES Member gin?

mat enger Iwerweisung vun 12€ op dëse Kont
CCP LU40 1111 2997 4717 000

## Eis Zesummesetzung vum Comité APES 23/24:

| | |
|---|---|
| RIZZI Candi ; | Presidentin |
| POST Nathalie ; | Sekretärin |
| FARAONI Oriana ; | Trésorière |
| BACK Françoise ; | Member |
| DOLO Amélie ; | Member |
| MEYERS Géry ; | Member |

Léif Eltere vun de Schüler aus dem Sportlycée,

Ärt Kand huet aussergewéinlech Talenter! Dës huet et am Sport schonn oft ënner Beweis gestallt, an zwar esou oft, dass déi Federatioun wou et lizenzéiert ass him proposéiert huet, säi weidere schoulesche Parcours am Sportlycée ze absolvéieren. De Sportlycée as en eegenen, onofhängege Lycée.

An dëser Schoul ass et Ärem Kand méiglech, de villen Training, deen nun emol verlaangt ass fir am Sport och weiderhin ob engem héijen Niveau mathalen ze kënne mat der Schoul, den (Haus)aufgaben, de Prüfungen an den Examen ze kombinéieren.
Hei besteet déi reell Méiglechkeet Sport a Schoul op engem konsequenten Niveau ze kombinéieren.

Mee et ass nach méi: et geet vun der Verwierklechung vu Medaillendreem, iwwer d'Schoul packen an och, bei all eenzelnen, eng grouss Zuel vu verschiddene Méiglechkeeten opzemaachen, duerch Teamaarbecht an duerch d'Entwécklung vu Fäegkeeten, déi een an anere Liewensberäicher, direkt a spéider, gebrauche kann.
Well d'Schoul mat engem Diplom, enger Qualifikatioun ofschléisst fir spéider eng Aarbecht ze fannen ass dëst ganz wichteg, schliisslech sinn et just déi Allerbescht, déi hire Liewensënnerhalt exklusiv mam Sport verdénge kënnen, och nach nom Enn vun der Carrière.

Eng Ambitioun hunn Schüler, Enseignant'en an och Elteren zesummen, nämlech déi, dass de Choix vun de Schüler reusséiert.
Mir als Eltere Comité vum Sportlycée wëllen **dozou onsen Deel bäidroen**.
Dofir probéiere mir **am Dialog** mat allen Interesséierten, d.h. der Direktioun, den Enseignanten an dem Encadrement vum Sportlycée esou gutt wéi mat den interesséierten Elteren a Schüler Problemer esou fréi wéi méiglech ze erkennen, ze diskutéieren an, wa méiglech, ze léisen.
Mir **ginn do eisen Avis**, wou mer e gefrot ginn oder wou et eis sënnvoll erschéngt.

Als **Eltere Comité si mir am 'Conseil d'éducation'** vum Sportlycée vertrueden a mir bedeelegen eis u **verschidden Aktivitéiten** déi am Kader vum schouleschen Ëmfeld organiséiert ginn.
Den Eltere Comité besteet aus **'Benevolen'** déi alleguerten (ob mannst) ee Kand als Schüler am Sportlycée hunn. Esou een 'Bénévolat' funktionéiert natierlech nëmmen, wa mir d'Solidaritéit vun deenen aneren Elteren spieren, déi och e Kand hunn dat am Sportlycée seng Schoul absolvéiert.
Dës Solidaritéit kënnt Dir manifestéieren, an deem Dir **Member gitt** an eiser Vereenegung oder awer, andeems Dir doriwwer eraus och **aktiv** am Eltere Comité matschafft. Mir freeën eis iwwer all Ënnerstëtzung an deem Sënn.
Zeckt dofir w.e.g. net, Iech bei engem Member vum Eltere Comité ze mellen wann Dir Loscht hutt eng Hand mat unzepaken.

Am viraus villmools Merci.
Den Eltere Comité vun de Schüler vum Sportlycée